N°599
Entrée le 16.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 599 vum 11. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler an vun der honorabeler Deputéiert Madamm Carole Hartmann.**

*1. Wou sinn d'Virbereedungsaarbechte fir d'Uschafung vun engem weidere PET-CT momentan drun?*

Wéi an der QP 8012 vum 22 Mee 2023 beschriwwen, ass den Equipement PET-CT een "Equipement national no der Annexe 3 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Mäerz 2018 betreffend d'Spideeler an d'Spidolsplanung". Eng konstant wuessend Demande opgrond vun neie medezineschen Indikatiounen an neien nuklearen Traceuren déi agesat ginn, huet eng Erweiderung vun de Kapazitéite vum CN PET noutwendeg gemaach, fir verlängert Waardezäiten ze vermeiden. Mam Gesetz vum 22. Dezember 2023 (Loi du 22 décembre 2023 portant modification de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière en vue d'autoriser l'État à participer au financement des gardes et astreintes des médecins hospitaliers dans les centres hospitaliers et les établissements hospitaliers spécialisés) ass déi maximal Unzuel vu PET-CT Maschinnen (Tomographe à émission de positons) am Land vun 1 op 2 eropgesat ginn.

Eng Demande fir en zweete PET-CT am Centre National PET CHL kënnen ze bedreiwe gouf Ufank dëst Joer, nom avis favorable vun der Commission Permanente hospitalière (CPH) vum 23. Februar 2024, vum Ministère guttgeheescht. Doropshi gouf d'Prozedur "appel d'offre" lancéiert. Am September kann dann eng Bestellung gemaach ginn. Eng Exploitatioun vun dem zweete PET ass fir de Laf vum éischten Trimester 2025 geplangt.

*2. Ass d'Madamm Ministesch gewëllt fir Gespréicher mat der Direktioun vum ChdN opzehulen fir datt sou eng Offer och am Norde vum Land verfügbar wier ?*

D'Bedreiwe vun engem PET-CT erfuerdert eng adaptéiert Logistik an Infrastruktur. Spezialiséiert Kompetenze vun der Equipe médico-soignante sinn néideg an de Patientenoflaaf ass komplex. Ee Laboratoire fir déi radioaktiv Produkter ze manipuléieren an stockéieren ass erfuerdert an d'Kompetenz vun engem Radiopharmacien op der Plaz ass indispensabel. D'Gestioun vun de radioaktive Produkter mat enger limitéierter Haltbarkeetszäit kann an enger zentraler Struktur eng héich Aktivitéit vu realiséierten Examen sécherstellen.

Souwuel vum comité scientifique, wéi och vum comité de gestion vum CN-PET koum d'Demande dass d'Kapazitéite vum CN PET erweidert solle gi fir verlängert Waardezäiten ze vermeiden an aus den uewegenannte Grënn ass et d'Konklusioun, d'Aktivitéit op engem Site ze zentraliséieren. Weider Gespréicher sinn am Moment net geplangt.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*3. Wéi huet sech d'Zuel vun den Behandlungen an deem Beräich zanter 2014 entwéckelt ?*

Säit 2014 bis 2023, ass d'Unzuel vun Exame vun 2.672 op 7.295 an d'Luucht gaangen, huet sech also progressiv méi ewéi verduebelt.

Lëtzebuerg, den 16. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez